D'Madame aus dem Tram

Um Lentzeneck sinn ëm dës Auer schonn net méi vill Still eidel; et geet op zéng Auer lass, an da kënnt d'Fatima. D'Fatima ass hei freides d'Bistrots-Pianistin an zwar eng, déi des Däiwels ass. Hatt kënnt ganz ënnen aus der Algarve, 't kënnt och eng Zigeinerin oder Marokkanerin sinn, mä 't spillt lech "d'Hechtercher aus der Stad" an d'"Kättchen, Kättchen" grad sou aus dem Handgelenk wéi den "My way", den "Seeweldanz" oder "d'Moldau". Géint eelef hieft hei schonn een deen aneren an d'Luucht, an d'Luuchte gi réischt aus, wann deen Allerleschten säin allerleschte Patt, deen en nach kuerz virun dräi krut, ausgedronk huet.

Mech hieft hei keen an d'Luucht, well freides sëtzen ech scho géint néng Auer op mengem Hocker, riets vun der Kaffismaschinn, a kucken dem Geneviève no, wann dat seng Humpen zaapt. Bei him gesäit jiddwer Humpen aus wéi e Meeschtersteck aus der Zapschoul. Herno, wann d'Fatima bis an d'Taste schléit, dann dréien ech mech um Hocker ëm nonzeg Grad a kucken deenen zackerdjësse Fangeren no, wann se wéi benzeg iwwert d'Tasten danzen. Hatt ass nach net do, de Kaméidispegel huet sech nach am Zam, an dofir kann ech och zimlech däitlech verstoen, wat mäi lénksen Noper nieft mir um Barstull knoutert. En huet just d'"Wort" wechgeluecht a gemengt "dann ass et lo nees ënnert der Hauf."

"Wat gelift?", froen ech, well 't kënnt sinn, datt deen Häerchen, deem ech der gäre fënnefasiwwenzeg ginn an dee bestëmmt keng siechzeg Kilo op d'Wo bréngt, mat mir geschwat huet.

"Maja!", seet en, gräift nees nom "Wort", faalt et nees ëmständlech auserneen a potert mat mir virun, wéi wa mer äis vu Spillschoulszäiten hier kenne géifen. "Heit, kuckt hei! Do steet et! 't huet sech nees bestuet. Kennt Der déi Madämmchen net? Ech awer, souguer ënnert hirem Meederchersnumm. Mä Dir kennt mat Sécherheet hire Mann, oder hutt e kannt, den Här Friederich, well den Här Minister Friederich ass jo scho laang iwwert de Jordan. Mä hatt ...!" Hie schwätzt net direkt aus, wat e mengt, mä laacht virdrun eng Kéier haart, kuerz an dréchen. "Ech sot deemools schonn, 't ass eng gutt Louder, mä eng Louder ass et."

An du fänkt den Häerchen, vun deem ech de ganzen Owend keen Numm gewuer ginn, un ze verzielen, ech kréie knapps déi eng oder aner Tëschefro ze stellen.

Hien hätt mol eppes mat deem gehat, nëmme fir ganz kuerz, mä awer; dat wier Enn der fofzeger Jore gewiescht. An du wier d'Yoll ("Yolande" hat ech sou just am "Wort" z'entziffere kritt, de Familljennumm net méi) op d'Uni gaangen. "Aus den Augen, aus dem Sinn"; net hatt him, mä hien dem Yoll. Duerno hätt hien et jorelaang net méi ze gesi kritt. "Ech gouf a blouf och weider näischt wéi en Tramsmännchen an hu mech an de Siechzeger Jore mam Anni bestuet. 'Anni', dat huet och besser bei mech gepasst, wéi 'Yolande'; mir ware vun doheem aus kleng Baueren, a stellt lech mol vir, eng vu menge Schwësteren hätt 'Yolande' geheescht, an de Papp hätt gebierelt: 'Yolande', géi d'Schwäi fidderen'."

Mä héieren hätt hie spéider sou muenches vum Yoll. "Wéi et vun der Uni koum, war et Affekot, an 't hat sech de Mann fir d'Liewen direkt vun do matbruecht, dee Friederich do. Dee war wuel Affekot wéi hatt, mä hatt wier zéngmol besser gewiescht wéi hien, hunn se gesot. An enges Daags wier de Friedrich heemkomm, an d'Yoll hätt him houfreg matgedeelt, hatt hätt hien an d'Partei gemellt. "A wat fir enger war de Friederich scho méi?, 't ass mer ausdenkeg ginn."

Ech kann him et net soen, déi Zäit war Politik fir mech e Buch mat siwe Sigelen.

"'t sief dann", fiert deen anere virun. "De Friederich hätt am Ufank wuel géint déi Manipulatioun gemault, mä hätt um Enn awer Appetit un der Politik kritt. Hatt hätt him seng Riede fir op d'Parteikongresser geschriwwen, hunn se verzielt, an no e puer Joer souz de Friederich an der Chamber. Well hatt him nach ëmmer d'Riede geschriwwen huet, gouf en och zimlech séier Statssekretär an duerno Minister. D'Madame Minister blouf an hirer Super-Affekoten-Etude diskret am Schiet, mä huet hire Guet vun do aus gedréckt, diskret virugedréckt. Um Enn souz de Friederich zu Bréissel. A lo verzielen ech lech eng."

Ech kucken op d'Auer, well 't ass drop an drun, datt d'Fatima opkräizt. D'Geneviève huet well d'Käerzen op den Dëscher a Brand gestach.

"Dobausse war et. Jo, hei um Lentzeneck, genee do virun der Fënster. Ech houl do mam Dummeldenger Tram. Do, dobaussen ass d'Madame ageklommen an ass sech setze gaangen. Ech hat d'Yoll erkannt, mä war mer net ganz sécher; hatt senger awer ëmsou méi. Wéi et ënnen a Clausen rausgeklommen ass, huet et mech ugesprach. ‚Fränz?! Du bass et jo?', sot et. 'D'Yoll?', hunn ech mech den Domme gemaach. 'Genee!', huet et gelaacht,' wéi geet et dir, Fränzi?' 'Du gesäis jo', hunn ech gelaacht, mä well hatt scho rausklamme wollt, hunn ech mech net gepackt a geruff: 'Du has jo schéi Chance, Yoll, datt s de de Fränzi deemools luppe gelooss has, soss wiers de haut eng Tramsmännerchersmadame.' Hatt war scho mat engem Fouss um Trottoir, mä du huet nach séier eppes misse raruffen. 'Tramsmännerchersmadame?', huet et haart gelaacht, 'Gleef du déi net! Da wiers du haut Minister, mäi Jong!' A fort war et."

"Abee jo!" Ech muss laachen an eng Schlupp huelen.

"Heit, liest!", seet de Fränzi sou haalwer rosen. "Liest, wien et sech lo nach gekroopt huet! Kennt Der deen net? E pensionéierten Ambassadeur!"

"Kee klengen Dreck!"

"Kee pensionéierten Tramsmännchen, Här! Dach net fir d'Yoll! Ech sot jo, 't ass eng gutt Louder, mä eng Louder ass et."

Wéi wann en Tusch fälleg wier, facht d'Fatima lo an d'Tasten. Alles klappt.

Josy Braun

Hochzäit am Tram (1942)